

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 5. Februar 2018

Dëse Gemengerot war haaptsächlech geféllt mat techneschen an administrative Punkten, déi zum normalen Business vun der Gemeng gehéieren, a wou et keng weider Diskussioun gouf. Mir hun dofir vun deser Sëtzung profitéiert fir dem Schäfferot eng Retsch Froen ze stellen an puer eegen Iddien ze presentéieren:

• SCHOULHAFF:



D'Sécherheet vum Krautemer Schoulhaff hate mir an der Vergangeneit schonn e puer mol am Gemengerot thematiséiert - déi leschte Kéier nodeems e Kand fortgelaf war a vill Elteren a Suerg waren, well den Haff net gefaast ass. De Schäfferot well de Schoulhaff ewer net mat Gelänneren an e Prisong verwandelen, dowéinst hu mir als Kompromëss virgeschloen, puer kleng Hecken ze planzen déi wéi Mauere wierken. Niewent der zousätzlecher Begréngung géif dat de Schoulhaff och besser kadréieren. Mir si gespaant wat aus onser Propose gétt.

• MAISON RELAIS & VAKANZEN :

Mir hun de Schäfferot och zu den Sommervakanz-Ëffnungszäiten vun der Maison-Relais interpelléiert an nogefrot wéini de Schäfferot géif kucken - esou wei et am Schäfferotsprogramm steet - fir datt d'Maison Relais an de Vakanzen - speziell am Summer - manner laang zou wär, well dat virun allem allengerzéiend Mammen a Pappen déi keng 3 Woche Congé huele kennen, viru grouss Problemer stellt. Wéinst Personal-mangel a wéinst de Congéën vum Personal gesäit de Schäfferot ewer keng Méiglechkeet d'Maison Relais méi lang op ze maachen.

• PRÉCOCE KANNER & MAISON RELAIS :

Eis weider Fro huet den Zougang vun de Précoce-Kanner zur Maison-Relais betraff. Mir wollte wëssen firwat d'Gemeng net higeet an de Précocekanner och endlech d'Notzung vun der Maison Relais erlaabt, d.h. virun allem an der Mettestonn, mee och virum oder nom Précoce. D'Feelen vun deser Méiglechkeet huet bis elo zur Konsequenz, datt etlech Elteren - an nees speziell allengerzéiend Mammen a Pappen - hier Kanner musse privat versuerge loossen oder se bis 4 Joer an der Crèche loossen. Mir freeën eis, datt de Schäfferot an desem Punkt eis Suergen deelt a mat de Responsabele vun der MR fir di nächst Rentrée well kucke wat méiglech ass.

• « IBIS » BUS-UBANNUNG :

Mir hun nogefrot op de Schäfferot scho weider komm ass an sengen Iwwerleeungen fir déi wuessend Zuel u Gebäier a Persounen beim Ibis niwint der Autobunn endlech un den öffentlechen Transport unzeschleissen an esou ze verhenneren, datt regelméisseg Leit vu Léiweng aus iwwert d'Autobunn sop- an Ofaarten treppelen oder emgedréint. De Schäfferot well hei ewer elo mol eng laangwiereg Verkéieretude an Optrag ginn fir no Léisungen ze sichen. D'Léisung fir de Bus195 laanscht den Ibis bis op Beetbuerg weider fueren ze loossen, amplaaz datt en vu Léiweng op seng aktuell Endstatioun Peppeng fiert, wou déi grouss Gelenkbusser nemme schwierig d'Kéier gemaach kréien, schéngt fir de Schäfferot bisweilen keng Léisung ze sinn.

• DATENSCHUTZ :

Enn Mee 2018 trieden EU-wäit nei Dateschutzregelen a Kraaft, déi net nëmmen e groussen Impakt op d'Firmen wéi Google, Facebook, etc. wäerten hun, mee déi och d'Gemengen an esouguer Associatiounen a Clibb betreffen (z.B. Verwaltung vun de Memberfichieren oder obligatoresch Informatiounen op der Websäit). Hei wollte mir wëssen wéi wäit de Schäfferot mat de Préparatiounen ass, an op se net - wann se déi nei Regeln bis am Detail gekuckt huet - och den Clibb an Associatiounen an der Gemeng kéinten Hëllef ubidden. Dat wäert awer laut der Äntwert vum Buergermeeschter wuel net méiglech sinn,

• INFORMATIK-KOMMISSIOUN :

Wéinst den héigen Informatikskäschten déi eis all Joers am Budget vun der Gemeng opfällén, hu mir proposéiert, datt d'Gemeng sech sollt duerch eng Aart Commission consultative « IT » beroode lossen, wou et och méiglech wäer qualifizéiert Bierger anzebannen, e besseren Iwwerbléck iwwert dee ganzen IT-Park ze kréien a fir Transparenz bei de Käschten ze suergen. Dese Grupp kéint een och an d'Iwwerleeungen zum Gebrauch vu Open-Source Software oder dem Emsetzen vun den neien Dateschutz-Regelen abannen.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



déli gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 19. Mäerz 2018

Version FR en fin de page!

Och dess Kéier hun déi gréng dem Schäfferot nees etlech Verbesserungsvirschléi ennerbreed:

SKATEPARK - REISER: Zu Réiser hannert dem fréiere Paschtoueschhaus wäert e Skatepark entstoen. Mir begréissen dese Projet, well et een Investment fir d'Jugend ass, an e flotte Pendant zur Kannerspillplaz am Parc Kolla duerstelle wäert. Well esou e Skatepark ewer zimlech deier ass, fanne mir et wichteg dat de Site méiglechst breed ka genotzt ginn. Mir hu proposéiert fir nach aner flexibel Funktiounen virzegesinn andeems een z.B och e Gradin mat Sätzplaze virgesäit. Denkbar wär och eng kleng Bühn, speziell Graffiti Flächen, eng Solarpluedstatioun fir Handyen, asw. Bei der Ëmsetzung vum Projet kéinte mir ons, esou ewéi dat an anere Gemengen och schonn de Fall ass, eng direkt Zesummenaarbecht mam Jugendhaus a Veräiner virstellen. Mir si gespaant ob d'Emsetzung.

WUNNENGSBAU - CRAUTHEM: Mir hunn dem PAP Projet „Hirdegaart“ zougestëmmt, wou et em 15 Eefamilljenhaiser an e mëttelgrousst Appartementshaus zu Krauthem bei der Schwemm geet. Et ass e Projet ob engem fräien Terrain, matzen am Duerf, ganz no bei der Schoul, de Sportinfrastrukturen an der Bushaltestell. Eng weider Zersiedlung vun der Landschaft ausserhalb vun den Dierfer gett esou vermidden. Mir hun de Schäfferot allerdengs opgefuedert bei esou Projeten besser op een harmonescht Ausgesinn vun de Gebäier opzepasst, an z.B. e gewësse faarwleche Kader (Faarwfamill), eng begrenzte Materialpalett an eenheetlech Daachforme virzeschreiwten. Bei Flaachdiecher wäeren z.B. Gréngdiech ideal.

SOZIAL RENOVATIOUN - PEPPENG: Mit hun d'Renovatioun vum aale Paschtoueschhaus matgestëmmt. Dëst Gebai ass e wichtegen Zäitzeien an en architektonescht Häerzstéck vu Peppeng wat fir eis Gréng soll erhalte bleiwen. Mat desem flotte Projet kréie mir ewer direkt 2 Mécke mat engem Schlag: den Erhalt vum Peppenger Patrimoine an d'Schaafe vun neie kommunale Sozialwunnengen.

FR: Les Verts ont adressé à nouveau plusieurs propositions d'amélioration au Collège échevinal:

SKATEPARC - ROESER: Un skatepark sera construit derrière l'ancien presbytère à Roeser. Nous voyons cet investissement en faveur des enfants et adolescents comme un bel projet complémentaire à l'aire de jeu du Parc Kolla. Mais vu les frais importants d'un tel projet, nous avons suggéré une utilisation plus flexible de l'endroit en intégrant par exemple un jardin avec sièges, une petite surface pouvant servir de scène pour spectacles, des murs pour graffitis, etc. En outre, il nous semble indispensable d'associer la Maison des Jeunes voire d'autres associations à la réalisation concrète du projet.

LOGEMENTS - CRAUTHEM: Avec le vote du "PAP Hirdegaart", nous soutenons un projet de construction de 15 maisons unifamiliales et d'une résidence à Crauthem, près de la piscine. Le projet est très bien situé, sur un terrain à l'intérieur du village, très proche de l'école, des infrastructures sportives et d'un arrêt de bus et s'intègre de façon acceptable dans les structures existantes. Par contre, nous avons une nouvelle fois déploré que le Collège échevinal ne se soucie pas de l'aspect visuel de tels lotissements. Les Verts estiment qu'il faudrait veiller à une certaine harmonie du bâti en se limitant à une certaine palette de couleurs, à certains matériaux et à un type similaire de toiture.

RENOVATION SOCIALE - PEPPANGE: Les Verts ont soutenu le projet de rénovation de l'ancien presbytère de Peppange. Cette maison fait parti à la fois du coeur historique du village et du patrimoine architectural de la Commune, qui se doit donc de la sauvegarder. Toutefois, ce projet de rénovation nous est doublement précieux, car sa finalité est, outre la sauvegarde du patrimoine, la création de logements sociaux communaux.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



déli gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

„déli gréng“ zum neie Schoulcampus Bierchem (Gemengerot 23/04/18)

Den neie Schoulcampus zu Bierchem gett, laut Buergermeeschter, mat ronn 29Mio €, dee gréisste Bauprojet, deen et jee an onser Gemeng gouf! Als gréng hu mir dogéint gestëmmt.

De Schäfferot rechent mat engem groussen Zouwuess u Schoulkanner, an déi aktuell Structure sinn net méi optimal a platzen aus allen Néit. Doduerch, dass d'Grondschoul, d'Maison Relais an d'Éducation différenciée zesummen an engem Gebai ënnerbruecht ginn, kennen zukünfteg verschidden Infrastrukture gemeinsam genotzt ginn, an d'Inclusion vu Kanner mat Behënnerung wär méiglech. Déi geplangte Bauweis wär och nohalteg an ökologesch, mee dat ass fir ons selbstverständlech. Och wann de Staat subventionnéiert, sinn de Baupräis (29Mio.) an den Entretien (1Mio/Joer) ganz héich. déi gréng Réiserbann hunn allerdéngs nach aner Bedenken a Froen:

- 1. Keng Biergerbedelegung:** Firwat gëtt d'Bevölkerung bei esou groussen Gemengeprojeten net systematesch agebonnen? Eng einfach Informatiounsversammlung ass an onsen Aen keng wierklech Biergerbedelegung! Mir wëllen eng extra **“berodend Kommissioun”** zum Thema fir all interesséiert Bierger.
- 2. Keen Architekconcours:** Dass fir esou ee wichtege Projete keen Architekconcours ausgeschriwwen gouf, ass eng Katastroph. Domadder hätt ee kéinten ënnert e pur Architekturvariante déi Beschte eraus sichen, am Platz wéi elo, sech mam 1schte Beschte Projete zefridden ze ginn. Ons Alternativ: en Architekconcours mat effentlechen Debaten, wou d'Architektenpläng an d'Qualitéit vun de verschiddene Projete verglach gi wäeren.
- 3. Zweifel um Site:** Ass d'Implantatioun um Site optimal? Ass et net ze no bei den Haiser? Och do géif et aner Méiglechkeete ginn.
- 4. Zweifel um Entworf:** Kann d'Gebai als solches, am Platz vu senger **komplizierter Form** mat all deenen Äerm, net eng aner Form hunn? Am Moment ass d'**Form net energetesch**, well d'Fassadenfläch grouss ass!
- 5. Architekturspsychologie ignoréiert:** Aktuell Erkenntnisser weisen, datt d'**Esthetik vu Schoulgebaier (bannen a baussen)** massgebend Afloss ob d'Woulbefannen an d'Handelunge vun de Kanner an dem Léierpersonal huet. Eng Architektur déi vu Kanner als uspriedend agestuift gëtt, weist vill faarweg a fantasievoll Elementer, grouss Fënsteren, „waarm“ Baumaterialien ewéi z.B. Holzfassadenelementer a vill Begréngtes ob. Dëst sinn Architekturelementer déi bei de Fassadé vum aktuelle Projete feelen.

“Les Verts” sur le nouveau campus scolaire à Berchem (23/04/18)

Le nouveau campus scolaire de Berchem coutera environ 29mio € et serait le plus important que notre commune ait connu. Les verts ont voté contre.

Le projet se base sur le constat que le nombre d'enfants scolarisés va croître et que les structures actuelles touchent à leurs limites. Il réunit dans un même bâtiment l'école, la maison relais et l'éducation différenciée, afin de permettre le partage de certaines infrastructures et de favoriser l'inclusion. Enfin, le projet se veut durable et écologique, mais cela va de soi. Même si l'Etat subventionne le projet, **les coûts de construction (29mio) et d'entretien (1mio/an) restent conséquents**. Mais nous avons aussi critiqué l'élaboration du projet :

- 1. Pas de participation citoyenne :** Pourquoi ne pas associer systématiquement les habitants à l'élaboration des grands projets d'infrastructures communales ? La simple réunion d'information que le collège échelival prévoit après coup, n'est certainement pas un modèle de participation. Nous avons proposé une commission consultative ad hoc réunissant les personnes intéressées.
- 2. Pas de concours d'architecture :** Il aurait fallu organiser un concours d'architecte, avec à l'issue un choix entre plusieurs projets.
- 3. Doutes sur l'implantation :** Est-ce que l'implantation au bord d'une rue principale est optimale ? Qu'en est-il des distances par rapport aux habitations voisines ?
- 4. Doutes sur la forme du bâtiment** et sur la proportion élevée de façades.
- 5. Psychologie de l'architecture non respectée :** Il existe un lien direct entre l'espace architectural et l'état d'esprit voire la qualité de vie des utilisateurs, c-à-d. des élèves, enseignants, éducateurs, etc. Or, le projet actuel semble ignorer ces connaissances.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



déli gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zu de Gemengerotssitzunge vum 17.12 & 20.12.2018

Och fir “déli gréng Réiserbann” presentéiert sech d'Finanzsituatioun momentan aussergewéinlech gutt, an daitlech besser wéi vun de Responsabele virausgesinn. Dëst enger-säits op Grond vun daitlech méi Einnamen iwwert méi Subsidien, Gewerbesteier an Dotatioun vum Staat, mee anerersäits och duerch manner Ausgaben. De Schäfferot krut 2018 eng Rëtsch Projeten net - oder net séier genuch - ëmgesat, an dës Projete wäerten

deemno eréischt 2019 zu Buch schloen. 2018 gouf doduerch op déi geplangten Neiverschëldung verzicht an d'Scholden si liicht erof gaangen.

Fir déi gréng ass d'Budgetspropose 2019 vum LSAP-CSV Schäfferot eng insgesamt virsiichteg Planung mat genuch Reserven a Spillraum. Trotz groussen Investissementer - déi néideg an zu Deel laang iwwerfällig sinn - huet de Schäfferot ugekënnegt och am neie Joer méiglechst keng nei Scholden ze maachen. Déi vum Budget'19 erlaabten Neiverschëldung wär déi klengsten zanter 11 Joer.

Kritike vu grénger Sait gëtt et dofir awer um Fong. Nieft de ganz laang iwwerfälligen Investissementer am Beräich vum Ofwaasser (Usschluss vun all eisen Dierfer un d'Kläranlag an den nächste Joren – ENDLECH!), dem Bau vun engem neie Schoulcampus, neie Sozialwunnengen, nätzleche Moosnamen am Mobilitäts-Beräich, méi Gelder fir Naturschutz, asw. Gi mat dësem Budget och Projete bezuelt, deenen hier politesch Ausrichtung mir net deelen. Den neie Schoulcampus ass och fir eis eng Noutwennegkeet, mee den detaillierten Entwurf deen de Gemengerot 2018 proposéiert krut, konnte mir z.B. net matdroen.

Ähnlech gëllt fir dee grouse Siedlungs-Projet “Hieschterbiereg”. Dës Platz hannert der Bierchemer Gare huet d'Potential fir e flotten ekologesche Wunnquartier mat Virbildfunktioon ze ginn. Allerdéngs kennt et hei op d'Gréisst, den Tempo an d'Detailer vun der Ëmsetzung un. Am Budget'19 sinn elo Sue fir d'Ausschaffe vun engem kohärente Masterplang virgesinn, wou all d'Aspekter, vun der Ëmwelt bis zum Verkéier sollen analyséiert ginn, inklusiv mat den Awunner per Biergerbedeelegungsforen.

Trotz gréisseren Zweifel op de ganzen LSAP-CSV Schäfferot eis ekologesch-innovativ Visioun deelt, an op se de Courage an d'Kompetenz hu fir esou en Eko-Quartier mat héiger Liewensqualität a méiglechst wéineg negativem Impakt op d'Ëmwelt – inklusiv op déi aktuell Awunner - ëmzesetzen, ass hier Approche mat Biergerbedeelegung a Masterplang - am plaz Salamatik - richtig.

Mir hunn och folgend konstruktiv Proposé gemaach: Opwärtung vun der Finanzkommissioun. D'Majoritéit sollt dës Kommissioun net nëmmen als Informationsgremium behandelen, mee als richtegen Diskussionsgremium, wat och fir all aner Bierger-Kommissioun gëllt. Weider Propose waren d'Neiverhandlung vun ale Scholde mat méi héigen Zënstauxen, an d' Aféierung vun enger besserer Tarifstruktur fir Stagiairen op der Gemeng, déi am Moment maximal 400 Euro kréien.

D'Evolutioun vun de Käscht fir d'Informatik gesi mir kritesch. Steigend IT-Käschte sinn an eiser wuessender Gemeng an eisem digitalen Ëmfeld normal, trotzdem gesi mir beim Tempo vun dëser Käschtenexplosioun, beim Trend zum Outsourcing an zu ëmmer méi Contrats de Maintenance, e Risikopotential dat de Schäfferot muss am Ae behalen. Mir hunn ugereegt hei eng extra Kommissioun oder Aarbechtsgrupp anzesetzen deen dat méi am Detail soll kucken.

Mir hunn des weideren de Problem mam Bancomat zu Léiweng thematiséiert, deen aus “Sécherheegrënn” just nach zu Guichetsstoune benotzbar ass. Dës Spuerkeess-Decision huet de facto eng fir eis Awunner wichteg Déngschtleeschung amputéiert. Mir hu gefrot, datt de Buergermeeschter an de Schäfferot sech staark maachen, fir datt d'Awunner vun eiser Gemeng nees schnellstméiglech eng “normal” Bancomat-Déngschtleeschung gebuede kréien.

déli gréng Fraktioun huet dofir decidéiert, mat Béck op déi gesond finanziell Gesamtsituatioun an eng virsiichteg Planung 2019, weder géint de Budget rectificié 2018 nach géint de Budget 2019 ze stëmmen, mee eis ze enthalen an d'Ëmsetzung iwwert déi nächst 12 Méint konstruktiv ze begleeden.